ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 04/02/2025

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 28 Januar 2025

Presenzen

Present	Net present
BAUS Ben	LEROY Michelle (entschëllegt)
CINCIS Patrick	VOSSMAN-KIEFER Diane (entschëllegt)
DOEMER Patrick	
JENTGES Nicole	
MANGEN Paul	
MEYER Louis	
PINTO Toni	
REDING-SCHARLE Corinne	
WETZEL Mike	
WIRTZ Sandra	

Punkt 1: Begréissung vun de neien Memberen

Kulturkommissioun huet déi nei Memberen Nicole Jentges a Ben Baus häerzlech begréisst, déi Memberen Stefanie Bock a Thierry Brosius ersetzen.

Punkt 2: Entente Helperknapp

Fir Versammlung un der „Entente Helperknapp“ ze diskutéieren, huet de Kulturkommissioun de Schäfferot invitéiert. Dëse war duerch Paul Mangen a Ben Baus representéiert.

An engem éischte Schrëtt gëtt eng Versammlung mat de Veräiner gemaach, déi bis lo beim Bricher Chrëschtmaart aktiv ware, fir hier Meenungen ze enger gemeinsamer Entente ze héieren. Ausserdeem kann e beschwätzen wei et mat da aktueller Bricher Entente well weider maachen, déi fir de Bricher Chrëschtmaart gegrënnt ginn ass. Des Versammlung

Helperknapp, 04/02/2025

wär fir Entente Brouch, Kommissioun Vivre Ensemble, Kultur Kommissioun a Schäfferot. De Ben Baus këmmert sech drëm fir de Kontakt mat de Veräiner ze maachen a proposéiert en Datum.

Wann des Meenunge gesammelt sinn, géing en an engem zweete Schrëtt eng Informatiounsversammlung fir all Veräiner aus da Gemeng Helperknapp maache wou en eng Grënnung vun enger Entente Helperknapp ka beschwätzen.

Theme vun dëser Versammlung kéinten sinn:

- Intresse vun enger Entente bei de Veräiner of klären
- Manifestatiounskalenner beschwätzen
- Gemeinsame Chrëschtmaart Helperknapp
- Inventaire vum Material

Des Entente fir ob fir weider Saachen ze organiséieren oder nei Iddien ze entwéckelen. Wei zum Beispill Groussbotz a gemengeniwwergräifend nei Traditioun's a kulturell Evenementer organiséieren.

Des Entente sollt eng einfach Struktur hunn a mat engem Entents Kommitee funktionéieren. Gemeng géing den Ustouss fir des Entente maachen, Kultur Kommissioun wär och bei da Versammlung da bei.

Punkt 3: Avis zum Gebai zu Bëschdref

De Schäfferot huet Kulturkommissioun gefrot fir en Avis ofzegi wat e mam Gebai, dat am Kadaster an der Gemeng Helperknapp an der Sektioun BB zu Bëschdref ënnert der Nummer 330/1345 agedroen ass, a sech ob da Kräizung tëscht “Rue de Buschdorf” an “An Uerbech” befënnt, kann maachen.

Kulturkommissioun proposéiert aus dësem Gebai “Bëschdrefer Konschthaus” ze maachen, e Kulturhaus fir kulturell Zwecker. Gebai kéint en an dréi Partien opgedeelt ginn, sou dass eng Galerie, Atelier a Proufsall fir Bands platz fannen. Galerie kéint e sou a Stand setzen, dass de Charme vum Gebai och bannen nach sichtbar ass. Fir eng Vernissage ofzehale kéint en dësen Raum mat engem Comptoir ekipéieren. De Proufsall misst dat neidescht techneschte Equipement an eng Schall Isoléierung hunn.

Punkt 4: Film "Vermësst!"

Kulturkommissioun huet decidéiert, sech net aktiv an de Film Projet „Vermësst!“ anzebréngen. Wann Gemeng dëse Projet trotzdeem ënnerstëtze well, kann sie e Sall zu Verfügung stellen.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 04/02/2025

Punkt 5: Divers

Visitt vun de kulturelle Sitten an der Gemeng

Well Gemeng eng ganz Rei kulturelle Sitten huet wollt Kulturkommissioun Propose maachen de Leader an eng Versammlung vun da Kulturkommissioun ze invitéiere fir e Besichtegung s Tour fir Awunner ze organiséieren.